



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

RECU
Par Aiff Christian, 11:11, 19/08/2020

Lëtzebuerg, den 19/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeenheeten an Europa & Verdeedegung weiderzeleeden.

Am Mali kouw et hënt zu engem Putsch vun der Arméi, woubäi de Präsidant vun der aktueller malescher Regierung zeréckgetrueden ass. D'Putschisten haten ugekënnegt Neiwalen ofzehalen an di bestoend international Traitéen ze respektéieren. Zënter 2015 ass och d'EU militäresch am Mali aktiv, fir d'bannenzeg Sécherheet am Mali ze ënnerstëtzen an d'Sécherheertsreforme vun der malescher Regierung ze ënnerstëtzen. An der sougenannter *Mission Civile EUCAP Sahel Mali* huelen och zwee Lëtzebuerger Zaldoten deel, déi potenziell tëscht Fronte kéinte geroden.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet sech d'Risikolag fir eis Zaldoten am Mali ënnert der d'EUCAP Sahel Missioun verännert?
2. Plangt d'Regierung fir eis Zaldoten ze rapatriéieren oder op der Plaz ze loossen? Falls d'Zaldote sollten am Mali bleiwen, wéi eng zousätzlech Sécherheertsmoosname gi getraff?
3. Huet de Minister Kenntniss dovunner wien am Moment am Mali d'Kontroll ausüübt?
4. Wéi ass d'Positioun vu Lëtzebuerg par Rapport zum presuméierte Putsch-Versuch am Mali?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

